

D'Piratepartei fuerdert net nëmmen Transparenz ma leeft se selwer aus. Hei ass een Iwwerbléck iwwert all wichteg Informatiounen zur Piratepartei.

Memberszuelen

Aktuell Memberszuelen vun der Piratepartei sinn op onser Websäit ze fannen:
<http://piratepartei.lu/transparenz>

Präsidiumssätzungen

De Präsidium vun der Piratepartei hält regelméisseg Präsidiumssätzungen via Telefonskonferenz of. Jiddere ka bei dëse Sätzungen nolauschten a matschwätzen. Eng Erklärung wéi dat funktionnéiert ass hei ze fannen: <http://wiki.piratepartei.lu/wiki/Präsidium#Präsidiumssitzungen>

Wien net live derbäi ka sinn, kann och d'Opzeechnung vun der Sätzung ulauschten. Dës Opzeechnung mat dem komplette Protokoll ass hei ze fannen:
<http://wiki.piratepartei.lu/wiki/Präsidium#Protokolle>

All Member vun der Piratepartei kann en Punkt op d'Agenda vun der nächster Sätzung setzen. D'Agenda ass hei ze fannen: <http://lux.piratenpad.de/agenda>

Präsidiumssätzungen ginn am viraus op onser Websäit ugekënnegt.

Finanzen

D'Finanze vu der Piratepartei gi vun der Piratepartei Lëtzebuerg Asbl. (nr. F8232) verwalt. Den aktuelle Kontostand an Kontobewegungen sinn op onser Websäit ze fannen, genausou wéi eng Spendeniwwersiicht vun der Piratepartei: <http://piratepartei.lu/transparenz> Spenden ab 1.500€ gi mam Numm vum Spender verëffentlecht.

D'komplett Bilan'en vun der Piratepartei sinn an onsem Wiki ze fannen:
<http://wiki.piratepartei.lu/wiki/Bilans>.

Landeskongress an Treffen

All Zusammentreffen funn den Piraten (z.B.: Landeskongress, Stammdësch) ass öffentlech. Dës Treffere ginn am viraus ugekënnegt a kënnen vun Net-Memberen, interesséierte Beobachter an der Press fräi besicht ginn. Grouss Evenementer (wéi de regelméisseg Landeskongress) ginn doriwwer raus live per Streaming an den Internet iwwerdroen.

Kommunikatioun

D'Kommunikatioun vun der Piratepartei leeft gréisstendeels öffentlech. Ons Mailingslëscht (PP-Discuss: <http://lists.piratepartei.lu/mailman/listinfo/pp-discuss>) an onse Forum (<http://forum.piratepartei.lu/>) kënnen vu jidderengem gelies a benotzt ginn.

Doriwwer raus benotzt d'Piratepartei Social Media als Kommunikatiounstool. Iwwer Facebook



(<http://www.facebook.com/PirateparteiLu>) an Twitter (<http://twitter.com/PirateparteiLu>) informéiere mer regelméisseg iwwert d'Partei an ons Themen.

Eenzeg net-öffentlech Medium bei der Piratepartei ass d'intern Präsidiumsmailingslëscht (PP-Office). Dës Lëscht gëtt vum Präsidium fir intern Kommunikatioun benotzt an ass net öffentlech fir d'Privatsphär an den Dateschutz vun onse Memberen an Leit déi ons kontaktéieren ze schützen.

Problemer mat der Transparenz? Mell Dech!

Du bemierks Virgäng an der Piratepartei, déi net transparent sinn? Dann beschwéier Dech beim Präsidium ënnert ahoi@piratepartei.lu oder op onser öffentlecher Mailingslëscht: <http://lists.piratepartei.lu/mailman/listinfo/pp-discuss>

Transparenz fuerderen a selwer liewen!

Dëst ass en Informatiounsblaat vun der Piratepartei Lëtzebuerg

Piratepartei Lëtzebuerg setzt sech säit hirer Grënnung am Oktober 2009 fir den Schutz vun Biergerrechter, am speziellen den Schotz vun der Privatsphär an een erhéichten Dateschutz, an. Piratepartei fuerdert ausserdeem eng méi grouss Transparenz vum Staatsapparat, wei och den fräien Accès zu öffentlechen Informatiounen an Bildungsmaterialien. Doriwwer eraus fuerdert Piratepartei eng grondleeënd Reform vum Urheberrecht an vum Patentwiesen.

Als Member vun enger internationaler Bewegung bedeelegt sech Piratepartei Lëtzebuerg aktiv op internationalen Konferenzen an Aktiounen. Grondleeënd Prinzip ass Basisdemokratie, di et all Member vun der Partei erlaabt hir Zukunft matzegestalten.

Piratepartei Lëtzebuerg
1, Sonnestrooss,



L-5683 Dalheim

www.piratepartei.lu

ahoi@piratepartei.lu

(+352) 691 804 033 (Jerry Weyer)
(+352) 621 632 118 (Sven Clement)

Lizenz: CC0 1.0 Universal - Public Domain Dedication: <http://creativecommons.org/publicdomain/zero/1.0/deed.en>

